**Statement vum Patrick Mergen, Buergermeeschter vu Bettenduerf, zu den Aussoe vum Spriecher vun der Nordstad iwwer d'Schäffe vu Bettenduerf am RTL-Artikel vum 4. Mäerz 2025**

An dësem Artikel seet de Nordstad-Spriecher, datt et den 23. Juli 2024 zu engem Meeting tëscht de 5 Buergermeeschtere vun der sougenannter zukünfteger Gemeng "Nordstad" koum. An dëser Reunioun gouf ëmmer nees d'Argumentatioun ugefouert, datt d'Gemeng Bettenduerf de Fusiounsprozess ausbremsen an esou d'Weiderentwécklung vun der zukünfteger Nordstad behënnere géif. Et gouf betount, dass den ugeduechten Timing fir d'Aarbechtsgruppe misst agehale ginn, et wär schonns vill ze vill Zäit verluer gaangen, an et kéint elo net sinn, datt dësen, wéinst der Haltung vu Bettenduerf rëm a Fro gestalt géif ginn. Gefuerdert gouf, datt Bettenduerf sech kloer positionéiere misst zu senger 2. Mentioun betreffend Demande vum Statut CDA. Vu datt Bettenduerf, laut Äntwert vum Minister, datéiert op de 15. Juli 2024, net eligibel ass fir dëse Statut ze kréien, gouf vu Bettenduerf gefuerdert Délibération concordante nach eemol nei ofzestëmmen an dofir sollt ech ee Conseil communal an der Urgence aberuffen. Geplangt war vum Bettenduerfer Schäfferot des Délibération concordante effektiv am September 2024 am Gemengerot nei votéieren ze loossen, eng Positioun, déi net jiddereen an dëser Ronn gutt fonnt huet.

An der Reunioun vum 23. Juli 2024 ass déi deemoleg Positioun vu Bettenduerf als Stéierfaktor gesi ginn an dëst huet sech net nëmmen an engem vereenzelte Virworf ausgedréckt, mä an enger widderhueltener Rhetorik. Wa véier vu fënnef Buergermeeschteren ëmmer nees, an dat iwwert eng Stonn, betounen, dass de Prozess misst virugoen, dass d'Gedold begrenzt ass an datt Bettenduerf duerch seng Haltung de nächste Schrëtt net méiglech mécht, da stellt sech d'Fro, op et iwwerhaapt nach en oppene Raum fir eng neutral a sachlech Diskussioun gëtt.

Dësen Drock war net explizit eppes, wat een um Pabeier fënnt, mä en huet sech duerch d'Dynamik vun de Gespréicher manifestéiert: D'Gefill, ëmmer nees an d'Verantwortung geholl ze ginn, den eenzegen ze sinn, deen d'Weiderentwécklung géif bremsen, an d'Konsequenz, dass een, egal wéi differenzéiert een seng Positioun formuléiert, ëmmer nees an der selwechter Roll gezeechent gëtt, nämlech der vum "Klotz", vum Bremser.

An esou engem Kontext ass meng Ausso „Ma da maacht är Aarbechtsgruppen a schafft weider a waart net op eis!" gefall – net als Ofleenung oder Blockade, mä als eng Reaktioun op dës weiderféierend Dynamik, gewëssermoossen als Resultat vun deem vu mir esou ëmfontenen Drock. Wann ee sech ëmmer nees an der Positioun gesäit, deenen aneren am Wee ze stoen, dann ass de Moment erreecht, wou een de "Klotz", deen een dann ass, aus dem Wee raumt. Dëst ass kee Jo a keen Nee, mä d'Konsequenz vun engem Gespréichsverlaf, deen net méi vill Spillraum fir eng alternativ Positioun zouléisst.

Gemeng Bettenduerf

Dofir ass et fir mech entscheedend, de gesamte Kontext ze berécksiichtegen an net just eng eenzeg Ausso erauszehuelen an als Absolutheet duerzestellen. Eng Diskussioun ass ëmmer méi wéi nëmmen ee Saz – si besteet aus engem Zesummespill vu Positiounen, Argumenter a Reaktiounen. Dofir sollt och d’Bewäertung vun esou Gespréicher ëmmer de ganze Kader mat abezéien.

Dëst ass déi Form vun Drock, déi ech ëmfonnt hunn, deen dozou gefouert huet, dass ech mech an den Eck gedréckt gespuert hunn, an esou hunn ech mengen Schäffen et matgedeelt.

**Meng zwee Schäffen hunn absolut net gelunn** – si hunn d’Gefill rëm ginn, dat ech no dëser Reunioun verspuert hunn, nämlech d'Gefill ausgeschloss ze sinn.

Wa mir dann och nach méi spéit een Uruff kréien, datt festgehale gouf, datt mir d’Fest vun der Nordstad net ausriichte sollen, da weist dat just, wéi eng weider Konsequenz dës Dynamik huet. **Wann een ee Partner gewanne wëll, da kämpft ee fir deen, an net géint en.** Et geet net drëm, een ze isoléieren oder ënner Drock ze setzen, mä drëm, déi matzehuelen, déi an engem komplexe Prozess nach hir Positioun sichen. Et ass wichteg, datt een de **Schwankenden a Wankenden opfänkt an ënnerstëtzt – hei gouf ee fale gelooss.**

Ech hoffen mat dësem Statement konnt ech dem Bierger e bësse Luucht an dës Affaire bréngen an heimadder wëll ech mech kloer hannert meng 2 Schäffen stellen.

Ze begréisse wär et, wann all déi politesch Responsabel sech mat deem noutwennege Recul, Versteesdemech a géigesäitegem Respekt behandele kéinten.

Patrick Mergen, Buergermeeschter vun der Gemeng Bettenduerf